LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

Gemeinsam Äntwert vum Sports- an Aarbechtsminister Georges Engel an vum Minister fir sozial Sécherheet, Claude Haagen, op d'parlamentaresch Ufro N°5455 vum 4. Januar 2022 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup iwwert déi professionnell Sportler zu Lëtzebuerg

A senger parlamentarescher Ufro stellt den honorabelen Deputéierten Froen iwwer déi professionell Sportler zu Lëtzebuerg.

1) Wéi vill professionell Sportler schaffen aktuell zu Lëtzebuerg?

Laut den statisteschen Zuelen vun der Generalinspektioun fir d'sozial Sécherheet (IGSS) waren um 31. Mäerz 2021 no der Nomenklatur vun den wirtschaftlechen Aktivitéiten "NACE" (« 93120 Activités de clubs de sports ») 116 Persounen zu Lëtzebuerg ënnert dem Code profession « 3421 Athlètes et sportifs de compétition » sozial verséchert.

2) Wéi si si opgedeelt op déi verschidde Sportaarten?

Heizou ginn aus den Statistiken keng Zuelen eraus ervir.

3) Wéi ass d'Opdeelung no Geschlecht?

De folgenden Tableau retracéiert d'Opdeelung vun de professionelle Sportler no Geschlecht:

Fraen	17
Männer	99
Total	116

4) Wéi vill vun dëse professionelle Sportler si Lëtzebuerger, respektiv wéi ass d'Opdeelung no Nationalitéit?

De folgenden Tableau retracéiert d'Opdeelung vun de professionelle Sportler no der Nationalitéit:

Lëtzebuerger	23
Amerikaner (USA)	31
Fransousen	26
Däitscher	8
Belscher	5
Aner Nationalitéiten	23
Total	116

5) Am Kader vun der Covid-Pandemie, a besonnesch während dem Lockdown, konnte Sportler vum System vun der Kuerzaarbecht a vun der Ausgläichsentschiedegung profitéieren. Wéi vill professionell Sportler hunn dovu profitéiert?

Am Joer 2020 hunn 110 vun den 116 Sportler als professionell Sportler geschafft. 99 vun hinnen hunn op mannst an engem Mount während der Periode vu Mäerz 2020 bis Dezember 2020 de partielle Chômage ausbezuelt kritt.

Luxembourg, le 7 février 2022

Le Ministre des Sports

(s.) Georges Engel